# Gritti, schléfs de schon?

Perso'nen:

1. Gritti, Stodentin
2. Tata Wirsch (Virginie)
3. Marie, Dengschtmédchen beim Gritti

Décor: E miewle'ert Zömmer

1. Scen : Gritti eleng
(kennt voller Fréd aus dem Niewenzemmer a weist eng Kärtchen.)

"Ei, dat ass dach eng schen Einladung, den Heini ass dach é flotte Kêrel.(liest): Le'ft Gritti! Komm haut den owend an den Cinéma Hollywood, et get e wonnersche'nt Steck gespillt. Ech verroden dir net wat fir ént, ower ech hun fir d'Virstellung vun 8 Auer 2 Billjéen fir de Balcon kâft. Also bis haut den owend, dein Heini. E gudde Komerod ass den Heini,emmer galant an zevirkommend. Mir sin aus engem Duerf. Meng Mamm a mei Papp hun hie ganz gär a si hun och neischt derge'nt dass mir gudd Komeroden sin. Duefir, no all dém Gebecks vum Examen, kann én sech och emol é sche'nen Owend léschten...Heini, ech wärt et den owend net verpassen..."
(Hannert der Bühn klirrt et an eng Kâtz jeitzt)
"A wat ass dann dat?"

2. Scen: Gritti a Marie

Marie : (topecht Médchen; verhutzelt ugedo, bosseg geschminkt, kent eran a rullt sech vu Lâchen)

Gritti : Ma Marie, Blödsinn, wat lachst du eso' verreckt?

Marie : Mais, hihihi...ech hun...hihihi...ons Kâtz...hihihi...op de Schwanz getrueden...hihihi...o Mammeli...(wescht sech d'Trene vu Lâchen)

Gritti : Ma so emol, dat ass ower nach ké Grond fir eso' onmane'erlech ze lâchen, du domt Döppen!

Marie : Ja,ja, dat sche'nst kennt eresсht no, hut dir dat Geklimper net he'eren?

Gritti : Ma dach, a grad doriwer well ech eng Erklärung, du wärs secher nés eng Tâss gebrach hun vun dém sche'nen Service?

Marie : (lâcht) Nén, hihihi,...nach vill me'...hihihi...

Gritti : An duefir muss du Onglеckskueb eso lâchen?

Marie : Nén, ech lâchen nemmen iwer der Kâtz hire Schwanz.
(Marie lâcht blödsinnig; Gritti gét ongedelleg op an of)

Gritti : Du Dreibitz, d'Kâtz ass dach net aus Porzelein, duefir konnt hire Schwanz dach net a Schirbele goen. Fu wat kennt dann elo endlich dat Klimmperen dobcu-ssen?

Marie : Dir wesst jo, dat ons Kâtz ewe'neg ho'ffreg an agebild ass, an duefir setzt si oft stonnelâng virum gro'sse Spigel am korridor...hihihi...

Gritti : O mammeli, elo gét mir eng Speicherlicht op, ziel virun du Traulicht!

Marie : Elo e'neschter sotz die sche'n Kuederkatz erem virum Spigel, an huet sech de Schnurres gestrelt, ...hihihi...Ech erwesche meng Schlapp (weist se) an ech schloen...

Gritti : (fällt dran) op d'Kâtz...

Marie : Nén, an de Spigel...

Gritti : Du Schönner...fir wat schle'ts du dann an dat deiert Glas?

Marie : Ma dat Kâtz ké Spigel me' soll hun...hihihi...

Gritti : Wéss du Kame'l dann net, dat de Spigel 1000 fr kascht huet?

Marie : O, ech flecken en eröm fir 5 fr an en halwen.

Gritti : A mat wat dann?

Marie : Mat Glaspapeier...hihihi...

Gritti : Hackerstiwel, nu mâch mech net be'ss. So mol, firwat bass du iewerhâpt heibannen?

Marie : Hihihi...dat wéss ech elo mol selwer net me'.

Gritti : Dat gleicht dir. Du stengs besser als Vullescheich um Feld we' als Dengschtmédchen an engem Haus.

Marie : Dat huet meng Mamm och emmer gesot...hihihi... aha,elo wéss ech et erem (hat zitt aus dem Schirteg é Steck Papeier eraus) do stét P.T.T.drop an dat wär fir iech. En Telegramm (hat lâcht)

Gritti : (höllt se'er de Papeier) An eso eppes Wichtiges brengs du mir net gleich?

Marie : De Kâtzeschwanz war me' wichteg...hihihi...

Gritti : (huet glies) Do hu mir et jo...

Marie : Ass nach é Spigel gebrach?

Gritti : Wär et nemmen dat, ower d'Ongleck ass vill me' gro'ss, meng Tata Wirsch kennt den owend.

Marie : So, ass de' mat iech Familjen?

Gritti : (opgerégt) Dreif mech net an d'He'lucht. Du he'ers jo dat et meng Tata ass.An ausgerechend kennt si haut den owend op Besuch, wo' ech mol émol wollt an den Cinéma goen.

Marie : Huelt èr Tata mat an den Cinemateng...

Gritti : De' an den Cinema...De' huet gewiedert wa mir dohém nemmen an den Theater goe wollten. A wann ech mat hir briechen, krit mei Portemonni é gro'sst Lach. Firwat muss si och grad haut kommen, fir wat net én Dag me' spe't?..

Marie : Ma da gidd mâr an den Cinema.

Gritti : De Biljé ass fir haut den owend kâft an den Heini wârt.

Marie : Aha, den Heini, maja, den Heini..

Gritti : Bekömmer dech denger Sâchen. Ge' an deng Kichen an ennerste' dech wanns de de Mond opdés..

Marie : Ech sin eso' trei we' Gold. (lâcht a gét aus)

Gritti : Dat mecht mech nach verreckt. Lo muss ech kucken dass ech aus der Patsch eraus kommen. Gin ech an den Cinema an ech losse meng Tata setzen, da sin ech fir emmer bei hir erledigt. Gin ech net an ech lossen den Heini warden, dann ass et aus mat onser Frendschâft...Wât mâchen?...(denkt no). Nén, ewe' domm! an d'Sâch ass dach eso' einfach. Firwât stode'ert én dann eso vill. Ech hun eng Migraine vum ville Stode'eren an ech lée mech mat Zeiten an d'Bett (weist no rechts) Tata gét och gleich schlôfen (weist no lenks) si ass bestemmt midd vun dér weiter Rés, an da verschsannen ech hémlech an den Cinema.
(Gedeisch hannert der Bühn)

3. Scen : Gritti, Tata Wirsch

Tata : (als Giedelchen geklédd, Frâ vum Land, Posch a Parapluie, komesch ugedoen, lâcht wann sie erakennt)
Do meng Mod, hei sin ech schon.

Gritti : (léft op se duer) Du meng le'f Tata. (emârbelt sie)

Tata : Lues, Kand, du erdrecks mech jo.

Gritti : Dat ass awer gro'ssarteg. Lo just hun ech dein Telegramm krit an elo ass meng le'f Tata schon hei.Komm setz dech.(hellt hir d'Posch an de Parapluie of, a get hir eng Plâtz)

Marie : Sche', mei Kand, kuck Gritti, wann ech elo eleng dohém setzen, da kennt hei an do d'Verlângeren u mech, an da muss ech eraus, deng ech et gär oder net.Da résen ech bei dén én oder dén âneren vun der Familjen. Des Ke'er hun ech un dech geduecht.

Gritti : Dat ass le'f vun dir, Tata, an ech sin eso fro'h dass de komm bass. Wât kann ech dir offre'eren?

Tata : Neischt, mei Kand; gehei dech we'nst menger net an d'Käschten. Du wèss, dass ech neischt le'wer hun we' Kaffi, gudde schwârze Bo'nekaffi.

Gritti : Basssde dann nach emmer Mitglied vun èrem Kaffiskränzchen?

Tata : A we'? ech sin eso guer E'erepräsidentin zenter Neijohrsdâg.

Gritti : Dat ass awer elo ganz verdresslech fir mech, ech drenken nemmen Malzkaffi we'nt mengen Nerven, an ech hun momentan keng Kaffisbo'n am Haus.

Tata : T'ass neischt, mei Kand. Ech hun d'Adress vun der Joffer Birebâm, de' vrun e puer Me'nt an d'Stâdt gezun ass. Sie wâr och Mitglied an onsem Klub. Mir gin se dann den owend besichen an da feiere mir bei hir mat 6 Tâsen Bo'nikaffi;

Gritti : (fir sech awer hârt) Brrrrrrr.....

Tata : Ma Gritti; wat fehlt dir, du schudders dech?

Gritti : Ech...ech wéss et net we' et mir ass...elo schon zanter e puer Dég gin kâl Schuddere mir aus....Brrrrrr....

Tata : Ma du wärs dach net krank gin, dat ge'f och nach fehlen.

Gritti : (deierlech) Oh, Tata; ech mengen ech wär et schon...

Tata : Du a krank? (bekuckt et)Dass ech net lâchen, du hues eng Fârw ewe' genôlt a Bâcken ewe' Kischten

Gritti : Nén, Tata, du mengs eso', dat sin Fe'wer. Dovun hun ech eso' se eng Glo'ss. Meng Gesondhét ass um Hond.

Tata : Ma dat kann dach net sin. Hues de vleicht zevill gele'ert?

Gritti : Dat kann sin, Tata.(lâcht hémlech fir sech)

Tata : Do hu mir et jo, wann de Fraleit haut des Dâg welle stude'ere goen. Ech hun et nach emmer gesôt; am wuelsten sin se beim Kachdeppen. Hues de da Peng?

Gritti : Eigentlech net, dat héscht, wat ech hun...dat grenzt me' oder we'neger un d'Melancholie.

Tata : (opgerégt) We' wât?...Wât fir é Colli ass dat?

Gritti : Dat ass eso eng Art se'lesch Depression, eppes wat é ganz nidderdreckt.

Tata : Ma Kand, dat ass jo ganz gefe'erlech, t'Gro'ssmamm vu mengem Brudder senger Schwe'ermamm ass domat gestuerwen. De' Krankhét leit e beschen an der Familjen. T'Krankhét ass d'Wôteschend Liewen an Do't. Et ass jo direckt liewensgefe'erlech. (d'Tata wescht sech de Schwéss ôf) An eso' engem Zo'stand huet scho mundherén sech d'Liewe geholl. Gritti, du wärs dech dach net embrengen?

Gritti : Ma Tata, wo' denks du hin? So akut ass meng Krankhét jo nach net. Et héscht ée'er virbe'gen, dât ass de' beschte Medizin.

Tata : Jo natirlech virbe'gen awer we'?...

Gritti : An e'schter Plâtz schreiwt all Dokter Ro' vir, Bettro'... an dat bescht wär, wann ech gleich den owend schon ufänken, muer kent et scho vleicht ze spe't sin.

Tata : Natirlech, de' e'scht Bedingung ass Ro' an eng gudd Schwéss-kur. Am beschten ass et, du léss dech gleich an de Bâkuewen.

Gritti : (lâcht) Ma Tata, dât wier eng richteg Perdskur. De' bescht Ro' hun ech wann ech mech gleich an d'Bett léen.

Tata : Dat wär ower schued, wann onse Besuch bei der Joffer Bîrebâm geng an d'Wâsser fâlen. Kuck, elo ass gleich 7 Auer; bis 9 Auer wäre mir bestömmt erem, an e klenge Spaze'ergang an d'Loft geng dir och neischt schueden. Et wär traurig, wann ech op de 6 Tâssen Kaffi misst verzichten.

Gritti : Le'f Tata, verzeih mer, wann ech am Interessi vu menger Ge-sondhét dech am Plang lôssen. Du hölls mer et gewess net iwel of, awer ech muss alle Komplicatio'nen aus dem Wé goen. Mir können jo mur nach goen.

Tata : Du hues recht, Gritti, du bass ganz verstänneg. Gés de dann elo direct an d'Bett.

Gritti : Jo secher, besser ass besser, ech schlôfen hei rechts an dein Zömmer ass lenks.

Tata : An der Reih,ech muss awer trotzdem Kaffi hun fir meng Nerven ze bero'hegen. Ech gin dann eleng bei d'Joffer Bîrebâm. Ge'nt 9 Auer kommen ech erem an dann gin ech schlôfen.

Gritti : T'ass och wo'er, Tata. Wanns de dann erem kenns, sin ech op vollen Touren am Schlôf, an du ste' ers mech net me'.

Tata : Ech we'sst awer gär, we' et dir da geng. Ech klappen dann émol un denger Dîr a froen: Gritti, schle'fs de schon?

Gritti : Nén Tata, dat ass awer net ne'deg an et ass och net gudd, well dann sin ech am e'schte Schlôf an dann erwechts de mech.

Tata : Nén, du brauchs guer neischt ze soen, wann ech he'eren dass du gesond schnârchs, da sin ech scho ro'eg.

Gritti : (fir sech) Hackerstiwel nach emol (zur Tata) Dat ass dach dat selwecht op ech schnarchen oder net..

Tata : Ganz a guer net, mei Kand. Wann ech dech he'eren schnârchen, wéss ech, dass et dir besser ass. Du verstés dach, dass ech besuergt em dech sin. Ech well dech och weider net ste'eren, et soll nemmen é klengen Tro'scht fir mech sin. An elo gin ech no mengem Schlôfmettel kucken...mei Bo'nekaffi....Äddi Gritti, a schlof dech gesond a monter (Tata mam Parapluie fort)

4. Scen : Gritti an d'Marie (Marie kennt me' spe't)

Gritti : (opgerégt) Gesond a monter....huet se gesot...do setzen ech ere=scht richteg an der Patsch. T'ass bestömmt fir ganz melankolesch ze gin. Wann ech um 8 Auer soll an den Cinema goen, kann ech um 9 Auer net schnarchen, a wann ech net schnarchen sin ech drun we' de Jân um Kîschtebâm (deierlech) Lo gin ech ganz bestömmt nach krank. So' âl Leit kommen awer fun engem Efalt op dén âner.. Huet schon e Mensch eso' eppes blödsinniges erfond?..Dat brengt nömmen eng Tata fèrdeg:..Elo muss ech schnârchen wann Tata erem könnt, a we' soll ech schnarchen wann ech am Cinema sin (gét ongedelleg op an of) 8 Auer Cinema...9 Auer schnârchen...(op émol me' frédeg) Ma wât sichen eso' lang...do hun ech et jo, d'Marie brauch den Owend net eso' fre' hém ze goen... (hat gét an d'Dîr) Marie...hé Marie..t'ass dach nach secher fir eppes gudds ze gebrauchen (rifft) Marie...

Marie : (hannert der Bühn) Ass erem e Spigel kapott? (kent eran) Hei sin ech jo.

Gritti : Marie, ech hun eng ganz wichteg Kommissio'n fir dech, do muss é ganz raffine'ert sin.

Marie : Meng Mamm sot emmer, ech wär me' gescheit we' 10 Dommer...

Gritti : Dat ka stömmen; du geseis ganz geriwen aus..

Marie : We' eng ofgeriwe Kirbischt?..

Gritti : Awer nach e beschen me' struppech. (sie lâchen allebe'd)

Marie : D'Joffer ass den Owend gudd opgeluegt.

Gritti : Spâss muss sin, Marie, de Misère kennt vum selwen...elo zur Affär...Du hues jo he'eren dass meng Tata komm ass. Sie därf guer net wössen; dass ech den Owend an den Cinema gin , an duefir brauch ech deng Höllef .

Marie : Soll ech an den Cinema goen ?..

Gritti : Né, lauschter dach emol, du kanns eng âner Ke'er goen. Ech hun zur Tata gesot, ech wär krank an ech misst direct an d'Bett..

Marie : Gudde Nacht, Joffer, schlôft gudd...(hat wöllt goen)

Gritti : (léft em no) Da bleiw dach, du Dreibîtz.

Marie : Wat soll ech dann hei mâchen, wann dir an d'Bett git?

Gritti : Ech hu jo nömmen eso' zur Tata gesot, ech gin net an d'Bett, du gés dran..

Marie : Ech...hihihi...ech...hihi..

Gritti : Wât ass dann dobei ze lâchen ?

Marie : Ech hun...well zenter 4 Me'nt meng Fe'ss net me' gewäsch...

Gritti : Da le'sst de deng Stelzen einfach eraus baumelen..

Marie : Da kre'en ech se kâl.

Gritti : Da streck se wuers de wölls...Also du lés dech a mei Bett, an du muss dichteg schnârchen.

Marie : Hihi..a firwat muss ech da schnârchen?

Gritti : Wa meng Tata erem kent ass se ganz besuergt em mech we'nt menger Krankhét. Sie klappt dann u meng Dir a frét: Gritti, Schlefs de schon? So bâl se eso' frét muss du gudd fest schnârchen, hues de verstân.

Marie : Hihihi....wat e Schwindel...

Gritti : Net lâng gemuckst..So mer, wat hues de ze mâchen?..

Marie : Ech soll...hihi..an d'Bett goen...Hihi..a froen..Gritti, schle'fs de schon?...an dann schnârcht Tata.

Gritti : Du Kame'l a Lievensgre'sst...Dât assjo alles verke'ert.. Du solls schnarchen, an net Tata Wirsch.

Marie : Dat hun ech och le'wer..

Gritti : Becklecksk app, verste' dach mol endlech: Also wann d'Tata klappt, da muss du schnârchen ewe' e Rompfâss. Kanns de iwerhâpt schnârchen?

Marie : A we', hihihi...

Gritti : Dajé, elo probe'ere mer gleich, ech ziéle bis drei, an da schnarchs de. Ent,...zwé...drei...

Marie : Hm... hihihi...ech hu mech verschleckt.

Gritti : Nu mach kén Efalt, wanns de deng Sâch gudd mechs, kriss de extra 20 fr an de Rescht vu mengem Parfum...

Marie : Ei, da richen ech och emol gudd...Ech schnârchen bis meng Nues platzt.

Gritti : Allé hop, ge' mol gleich a mei Zömmer, an da get richteg gepro'ft.

Marie : Wat get de ârem Tata em d'Nues erem gefe'ert..hihi.. (hannert der Scen) Ei, wât e gudd Bett, e richtegt Himmelsbett..Hingerfiederen an Huwelspe'n...hihihi....

Gritti : Wat ass dat én drolege Kautz ( rifft hannert d'Bühn) Marie, pass op, elo kennt d'Generalpro'f..

Marie : (hannert der Bühn) Joffer, fängt dir nömmen un.

Gritti : (klappt un d'Dir, mecht der Tata hir Stömm no) Gritti, schle'fs de schon?

Marie : En Ablack, Joffer, d'Bettdecken ass erof gefall.

Gritti : Dreibitz, loss de Dommhéten a fänk un ze schnârchen. (klappt) Gritti; schle'fs de schon?

Marie : (ganz hârt) O, mammeli, a no wat schmâcht dat dann?..

Gritti : A wât mechs du dobannen?

Marie : Dén dreckechen Hunneg schmâcht jo ganz verduerwen.

Gritti : Wât fir en Hynneg?..

Marie : Dien elei op èrem Wäschdesch stét,...brrrrrr...

Gritti : Du Efalt, dat ass jo meng Brillantine..Dajé, da fänk dach un ze schnârchen.

Marie : brrrrr...Lo kre'en ech de Bauch scho we'....brrrrrr...

Gritti : Denk net drun, du bass nömmen dobannen fir ze schnarchen (klappt) Gritti; schle'fs de schon?

Marie : (schnârcht) rooooong,roooooong...

Gritti : Aha, lo klappt d'Spillchen (klappt nach emol) Gritti,bass de wirklech eso' schle'frech?

Marie : (ganz kräfteg) roooong....roooooong...

Gritti : Excellent. Elo klappt et(klappt nach eng Keér) Gritti, schle'fs de schon?

Marie : Ma he'ert der mech dann net, Joffer ?

Gritti : A schon fällt den Dreibitz aus der Roll, Marie du muss die ganzen Zeit schnarchen; so lâng bis d'Tata schlôfe gét. Du duerfs guer neischt soen.Hues de verstân?

Marie : Jo Joffer; roooong..rrrroooong

Gritti : Eso' ass et gudd, ge'f nömmen uecht dass du et richteg mechs, wann d'Tata erem könnt (et he'ert én eppes hannert der Bühn fâlen) Wât mechs de dann elo nés

Marie : Ech wollt mech e beschen parfume'eren, du ass d'Fläsch mer op de Buedem gefall.

Gritti : Du ongleckleeht Menschekand, da gef dach uecht. Wât soll der nach gesche'hen ?

Marie : Do, do, well ass d'Pudderdo's an de Parfum gefall.

Gritti : Dat get mir én deiere Cinema. Dat Framensch mecht mech nach verreckt. T'ass egal, elo muss ech se'er goen (dét sei Mantel an den Hut un a sét nach ir et aus gét) Dajé, Marie mâch deng Sâch gudd, denk un deng 20 Frang.

Marie : Jo Joffer (et he'ert én d'Marie hannert der Bühn fir sech schwetzen) Oh, Mammeli, o Mamm, o Kanner...etc...( da gâbst et an t'schnârcht hei an do ganz hârt, dann ass alles ro'eg eng kleng Zeit)

5 Scen : Tata Virginie, Marie hannert der Bühn

Tatta : Eso; do wiere mer rem do. Dé gudde Kaffi, an de' gesond Owesloft dét dénen âle Schanke gudd. Sie dét déne Jongen och gudd. Et ass én Dauer dat Gritti net wollt matgoen. Dat âremt Kand rei̇ft sech ganz of mat dém Le'eren. Ech sin navel fro'h dat ech haut komm sin wo' et net gudd ass, eso' kann ech d'Hausfrâ spillen,a suergen dat et erem geschwönn an der Reih ass.Hausfrâ spillen dat hun ech ömmer gär gemâch, ower hautzudags wöllt ként me' drugoen. Dat ass mat all dém Theater an Cinema. Duer lâfen se alleguer, mé fir ze kachen hun se keng Zeit me'.Dién Cinema, dén verdre'nt hinnen alleguer de Kapp. Da muss ech ower d'Gritti luewen, dat Kandhuet nömmen seng Bicher.Kuck, wann ech eso' op Besuch gin, ech gin nie mat eidelen Hänn.Muer de Muergen krit d'Gritti 1000 Frang, well et eso' ént seriöst Médchen ass. We' soll et wuel mat senger Gesondhét sin ? Ech muss mech elo nach iwerzéchen op dat âremt Kand scho schle'ft. (gét lues no rechts a klappt) Gritti, schle'fs de schon ?

Marie : (schnârcht hârt) rrroooong...rrrrrooong

Tatta : Ei, dat he'eren ech gär, so' fest a gesond.(klappt erem) Gritti, schle'fs de scho lâng ?

Marie : Rrrrrrrroooong....rrrrroooong...

Tatta : Eso' gesond kann nömmen é gesonde Mensch schlôfen.Hat ass bestömmt net vill krank(klappt erem) Gritti bass de eso' schle'freg ?

Marie : Hrrrrrrrroooooong...

Tatta : Einfach wonnerbar, de' rengsten Drumsee(klappt nach eng Ke'er) Gritti, schle'fs de da wirklech ?

Marie : (jeitzt ganz hârt) Ma bass de dann dâf ?

Tatta : (firt erschreckt zesummen) Oh jemine, wat eng Stömm! (klappt opgeregt un der Dir) Wien ass do am Zömmer ? Nén dat do kann d'Gritti net sin (Marie schnârcht erem) A wat ass dat elo, Abrecher....am Gritti senger Schlöfkummer...Höllef..Höllef.. (sie léft opgeregt iwer d'Bühn)

Marie : Ro'eg dobaussen, soss gin ech bei d'Polizei...

Tatta : Wât eng Frechhét, eraus du Spötzbo'f, oder ech werfen eng Bomm doranner.

Marie : Hutt der dann eng ?

Tatta : Ech zielen elo bis drei, da krâcht et.

Marie : Moment..dât..dât gét net eso' se'er.

Tatta : Hei get net gefaxt. Ent...zwé...drei...

Marie : (kennt geduckt eraus geschlach, event: am Nuetshiém, komesch zogerîcht)

Tatta : (erschreckt) E Gésc ht,..e Géscht...Wât soll ech hei mâchen ?.

Marie : (léft der Tatta no) Hu...hu...hu...

Tatta : (ganz ausser Otem) Ech stierwen....(le'sst sech op e Stull fâlen)

Marie : Sit dir eso' topech ?..hihihi...hihihi...

Tatta : A wié sidd dir ? A wât mâcht dir hei ?

Marie : Ech sin d'Marie Fiederwösch, ech sin vum Gritti fir Stonnenarbecht engage'ert.

Tatta : An du gés dech am Gritti sei Bett léen ?

Marie : Net ganz,..ech hât d'Bén derlânscht hänken.

Tatta : Wann d'Gritti dat eraus kritt, da flits du eraus.

Marie : O, nén, ech kre'en navel 20 Frang dervir.

Tatta : 20 Frang ? A fu wém ?

Marie : Vun der Joffer Gritti

Tatta : vu menger Niece a fir wât dann ?

Marie : Well se aussrössech ass...

Tatta : Wât, ass d'Gritti net heihém ?

Marie : Nén, et ass an den Cinema .

Tatta : d'Gritti an den Cinema, ma et sôt dach et wär krank.

Marie : Jo, d'Joffer Gritti wor nömme krank well se gemengt hât sie könnt net dra goen.

Tatta : Elo gét mir eng Speicherlicht op. Also, eso' get hei Theater gespillt.

Marie : Et ass kén Theater, t'ass Wirklechkét.

Tatta : Schwindel ass et, puer Schwindel. An ech gudd âl domm Tatta mat mengem botterwéchen Hèrz fâlen op eso' é Schwindel eran.

Marie : Ech hun och gesôt, et wär Schwindel, mé wann én awer Souen derbei verdengt...

Tatta : Et ass eng ausgekachte Gemenghét vum Gritti. Du kanns schlieslech net derfir. Du hues missen de Bockel duerhâlen, an ech hun dir et eigentlech ze verdanken dat ech hannert d'Spill komm sin. Dem Gritti, dém wärt ech de Konschten unhänken. Dat krit ké ro'de Sou me' vu mir.

Marie : Eso' geng ech et och machen..

Tatta : Ro'eg.Ech wärt scho wessen wât ech elo mâchen; ech wärt em eng areiwen, de' et eso' bâl net me' vergesst. Dât wärt nach emôl gro'ss kucken wann et ké Sou me' vu mir kritt.Wé fir t'lescht lâcht, lâcht am beschten. Marie, lo spills de den Theater virun a vu mir kriss de 50 Frang.

Marie : 50 Frang..Duefir schnârchen ech ewe' e Rompfâss.

Tatta : Gudd, da ge'h erem an d'Bett. De Rescht fönd sech.

Marie : D'Welt ass ower fortschrettlech. Elei get é nach bezuelt fir ze loge'eren...hihi...(gét erem rechts eran)

Tatta : Eso', lo gin ech och erem op mein Zömmer an ech wârden bis d'Jöfferchen erem könnt

Marie : (hannert der Bühn) Sidd der nach do, Tatta ?

Tatta : Natirlech, wo' wär ech dann?

Marie : De' 50 Frang zielen..

Tatta : De' Tôtz ass net eso' domm we' e mengt, zumôl wann et sech em Geld handelt...Dié Spâss ass bestömmt och 50 Frang wert. Mei le'ft Gritti, dir fueren d'Aen op..(sie gét no lenks fort)

Marie : (gâbst hârt) O Joffer Gritti, wât get elo (Da schnarcht et hei an do, soss ass et roeg, Eng Auer schle't 11 (élef)

6.Scen : Gritti, hanneno Tatta a Marie

Gritti : (kennt lues eran) Wât wâr dén Cinema ower sche'n. Spannung vu fir bis hannen... an d'Hâptsâch..um Enn hun de' 2 sech dach kritt. Ech muss bestömmt me' dack an den Cinema goen. A wann meng Tatta et we'sst, da ge'f ech ganz aus hirer Gnôd fâlen.Sie ass ganz derge'nt. Ké Wonner, sie war nach a kengem. Ech wetten sie ge'f op hir 6 Tâsse Kaffi verzichten wann se gese'ch we' sche'n dass et wär...Hoffentlech huet d'Marie seng Sâch gudd gemâch, dass nömmen neischt eraus kennt, well soss hun ech et bei hir verduerwen, an dann hun ech ké me' dé mir ennert d'Aerem greift.(hat setzt sech an eng Fotell) Ei, dat Steck war emol zevill sche'n.Elo denken ech nach eng Ke'er de' sche'nsten Passagen duerch, ech kann e vleicht mol an engem Aufsatz gebrauchen, an da gin ech schlôfen. (Hat denkt no a schliesslech..entschle'ft et)

Tatta : (kennt virsechteg eraus) Aha, do setzt Joffer vum Cinema Et muss wirklech sche'n gewiéscht sin. Ech âl domm Totz, ech kennt och emol dra goen (sie reselt d'Gritti un der Schöller) Gritti...Gritti...

Gritti : (am Schlôf) Heini, we' sche'n....

Tatta : Wât fir én Heini ass dat ? Ganz bestömmt aus dem Cinema. Gritti, du dréms...erwech mol.

Gritti : (kuckt ganz verwonnert op) Ma wat ass dann ?....O....O... du bass et Tatta..

Tatta : Wien da soss ?..

Gritti : Ech mengen ech hu geschlôf.

Tatta : Ech mengen och. Virwât gés du dann net an d'Bett ?

Gritti : Ech....ech...sin elo...grad op gestan..

Tatta : Aus dem Bett..oder aus dem Cinema ?

Gritti : Wât ? Ech mengen du mechs Spâss, Tatta. Hues du mech dann elo e'nescht net he'ere schnârchen ?

Tatta : Oh, du hues wonnerbar geschnârcht...t'huet alles fabelhaft geklappt...ech mengen et klappt nach ömmer.Loss mer emol probe'eren...(gét no rechts a klappt) Gritti, schle'fs de schon ?..

Marie : Rrrrrroooong..rrrrrroooong...

Gritti : (erfe'ert) Oh, mei, ech sin erwöscht; blame'ert fir ömmer.

Tatta : (lâcht a klappt) Gritti, schle'fs de schon?..

Marie : Tatta; hâl op, ech bieden dech; du mechs mech verreckt.

Tatta : (streng) Deng Roll ass ausgespillt, du Filmstar, den Cinema ass aus.

Gritti : Tatta, wés du alles ?

Tatta : Jo alles; et huet alles agestânen

Gritti : Wién ?

Tatta : D'Marie, déms du 20 Frang versprach has.

Gritti : Huet et ower alles missen verroden ? Ech wert dém et soen.

Tatta : Net so' be's, Gritti, lo mâche mir mol ons Rechnung. (klappt) Hé, Marie, komm eraus, d'Gritti ass hei

Marie : Nén, dat ass jo am Cinema

Gritti : Du Dreibitz, komm eraus, ech hâlen et net me' aus.

Tatta : Dat ass Melancholie...

Marie : (kennt erán, lâcht an hält seng Hand offen) Joffer Gritti, ech kre'en nach 20 Frang

Gritti : Wârt, ech bezuelen dech elo boer (hat höllt e Stull a wöllt op d'Marie schlôen)

Marie : Höllef, sie schle't mech nach do't. Sie war bestömmt an engem Reiberfilm

Tatta : Lues, Gritti, a besche me' verstänneg, d'Marie ass onschelleg.

Gritti : Virwât hues du Ongleckamued mech verroden ?

Marie : Ech hât dreimol gudd fest geschnârcht, dat wor genuch fir 20 Frang.

Gritti : Mat engem Efalt ass ower guer neischt unzefänken

Tatta : Gritti, lôss d'Marie matt Ro'h a reg dech dach net eso' op. Wann én Ursach hätt sech opzerégen, da wär ech et, wells du mech eso' schändlech hannergâng hues. An du schums dech emol guer net ?

Gritti : O, Tatta, et dét mir eso" schrecklech léd.Ma wât soll ech nömme mâchen ? Kanns du mer net verzeihen ?

Tatta : War den Cinema dann eso' interessant, dass du mer hues de misse spillen ?

Gritti : Den Heini, onse Nopeschjong vun dohém, hât de Billjé scho geholl, an dié wär verluer gâng, wann ech net matgâng wär. Wells du ower eso' schrecklech ge'nt den Cinema bass, wollt ech dir neischt soen...

Tatta : A wié sét dann, dass ech ge'nt den Cinema sin ?Wât dir haut den Owend hei gespillt huet, dat ge'f och e Film (höllt Geld eraus) Hei Marie sin deng 50 Frang. Du hues deng Sâch gudd gemâch.

Marie : Ech hun der Joffer Gritti hire Spigel gebrach, domat kann ech schon e gudd Steck bezuelen.

Tatta : Nén, de do si fir dech, ech kâfen dem Gritti e neie Spigel, a mar gi mer zesummen an den Cinema

Gritti : Merci, le'f Tatta, du wars nach ömmer eso' gudd matt mir, an nie me' well ech dech hannert d'Lîcht fe'eren.

Tatta : T'ass an der Reih, a spillt mer nie me' eso' eng Fapp.

All zesummen : Gritti, schle'fs de schon ??

Rideau